

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11. Februar 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Finanzminister weiderzeleeden.

Am Artikel „Das Auf und Ab der Zinsen“, deen den 11. Februar am Lëtzebuenger Wort publizéiert gouf, heescht et, datt am Ëmfeld vun den internationale Kapitalmarchéen déi allgemeng Erwaardung zouhëlt, datt d'Zënsen während den nächste Méint nees wäerte klammen. Vu Säite vun de Lëtzebuenger Banken, dorënner och Eenzeler, déi ënnert der Form vun engem Etablissement Public constituéiert sinn, heescht et awer, datt d' Clienten an den nächste Méint weder mat méi héijen Zënsen um Spuerbuch nach mat méi niddrege Fraisen um Compte Courant rechne sollten. D'Zënsen fir Prêten, zum Beispill op Immobilien, kéinten dogéint klammen.

An deem Zesammenhang wéilt ech der Madamm Finanzminister gär dës Fro stellen:

- 1) Kann d'Madamm Finanzminister matdeelen, vu wéi engem Zënsniveau un déi lëtzebuergesch Bankeclienten, hirer Analys no, nees mat méi niddrege Fraisen a méi héijen oder op mannst onofhängeg vun der Héicht vum Verméige wäertneutralen Zënsen op hiren Erspuernesser sollte rechne kënnen?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten



Äntwert vun der Finanzministesch Yuriko Backes op d'parlamentaresch Ufro n° 5748 vum 11. Februar 2022 vum éierbaren Députeierten Fernand Kartheiser

Et ass net un der Regierung fir sech iwwer d'Zënspolitik vun de Banken, déi eng Konsequenz vun der Zënspolitik vun der europäescher Zentralbank ass, ze prononcéieren.

Generell steet et all Bank fräi, hir kommerziell Politik, an domatter och hir Fraisen, am Kader vun der applikabler Reglementatioun, an d'Zësen déi se ubitt, selwer festzeleeën. Hei spillt de Prinzip vun der fräier Konkurrenz, an déi sech d'Regierung net amëscht.

Lëtzebuerg, den 15. März 2022

D'Finanzministesch

(s.) Yuriko Backes